SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

*Reporter.lu* hat am Artikel *Les ventes au noir des pharmacies* (11.6.2021) dovunner beriicht, dass sech eng Rëtsch Apdikten hei am Land am grousse Stil dem Steierbedruch schëlleg gemaach hunn an dat ënnert anerem duerch Venten um Schwaarzmaart. Dëst war duerch Kontrolle vun der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA (AED) opgefall.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Steierkontrolle vu privat Persounen,bei deene Beamten op den Terrain gaange sinn, goufen an deene leschte 5 Joer organiséiert (opgelëscht no Joer an no Büro)?

2. Wéi vill Steierkontrolle bei Firmen, bei deene Beamten op den Terrain gaange sinn, goufen an deene leschte 5 Joer organiséiert (opgelëscht no Joer an no Büro)?

3. An wéi ville Fäll gouf an deene leschte 5 Joer mat auslänneschen Administratiounen zesumme geschafft, fir Persounen oder Firmen aus dem Ausland ze kontrolléieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député